PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JUIN 2019
813

Lëtzebuerg, de 20. Juni 2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Justiz weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg gouf virun der Richtlinn zur Vorratsdatespäicherung (2006/24/EG) schonns mam Gesetz vum 30. Mee 2005 eng Vorratsdatespäicherung vun 12 Méint agefouert, déi den 12. Juli 2007 mat engem neie Gesetz vun 12 op 6 Méint erofgesat gouf.

Am Juli 2010 huet Lëtzebuerg dunn d'Richtlinn 2006/24/EG transposéiert an dobäi d'Iwwerwaachung och op E-Mailen an Internetverbindungen ausgedeent.

Zenter hier huet den europäesche Geriichtshaff an zwee Uerteeler (2014 an 2016) festgestallt, datt d'Richtlinn 2006/24/EG géint d'Grondrechter vun de Bierger an der EU verstéisst.

Trotzdeem gouf aus dësen Arrêté keng Konsequenze gezunn. D'gesetzlech Basis zu Lëtzebuerg huet sech zanter 2010 trotz de Verstéiss géint d'Grondrechter net méi geännert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Opgeschlësselt no Virworf a Joer: wéi vill Consultatioune gouf et vun Daten, déi op Vorrat gespäichert goufen, zanter dem Gesetz vum 30. Mee 2005?
- De Professer fir Strofrecht op der lëtzebuergescher Uni sot vis-a-vis vun der Press: „Das ist ein rechtswidriger Zustand." Wéi steet d'Regierung zu dëser Ausso?
- A wéi vill Fäll (opgeschlësselt no Infraktioun, Joer an dem Fait ob eng Veruerteelung ausgeschwat gouf oder net) goufe Vorratsdaten an engem Geriichtsprozess benotzt?
- Ass d'Regierung dorop virbereet, dass d'Awunner vu Lëtzebuerg opgrond vu de Grondrechtsverstéiss, déi duerch déi aktuell d'Vorratsdatenspeicherung geschéien, eng Plainte géint den lëtzebuergeschen Staat maache kéinten?
- Bis wéini huet d'Regierung fir, d'national Gesetzgebung erëm a Konformitéit mat den europäesche Grondrechter ze setzen?

Mat déiwem Respekt,
CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 juin 2019

Objet : Question parlementaire n° 813 du 20.06.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Conservation des données

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés